FSCL - GT jeunes réunion 04 mé 2022

Rapport

Präsensen : Camille Dahm, Claude Magar, Marco Schmit, Spautz Richard, Romain Engels, Guy Kruchten, Dirk Pütz

Suzie Godart exc.

A Präsens vum Präsient vun der FSCL Camille Dahm, huet den Richard Spautz all Memberen begréisst a sech immens zefridde ausgedréckt dass de GT jeunes no der Coronapandemie erëm kann ufänken mat „normal“ ze schaffen“

## 1. Lizenzen

Well et zum Punk Lizenzen ënnerschiddlech Meenungen goufen, huet de Präsident Dahm sech bereet erkläert vir sich nach eng Kéier ganz genau ze informéieren wéi et speziell mat der sougenannter „licence unique“ funktionéiert, wa Kanner a Jonker mat esou enger Lizenz, déi net spezifesch an exklusiv fir FSCL ass, un de Cyclistenkompetitiounen deelhuelen.

Déi Diskussioun huet notamment de Punkt vun der Responsabilitéit betraff,

## 2. Technikofzeechen

Et gouf festgehalen dass mer dëst Joer en Technikofzeechen wëllen organiséieren.

Den Datum dé virgesinn ass :

- Samschdes, den 17.09.2022 vun 13.00 bis 17.00 Auer
- Schëtter (wou de Club Hirondelle Schëtter de lead dervunner huet)
- Vir d’Orga ginn za 20 Persounen gebraucht, wou speziell déi Veräiner gefrot sinn, déi eng Vëlosschoul an e Kanner-Jugendtraining hunn, an um Technikofzeechen deelhuelen
- FSCL invitéiert all Veräiner vir Technikofzeechen 2022
- Umeldungen gi elektronesch bei der FSCL bis den 10.09.2022 ugeholl

Weider Detailer an alles wat noutwendeg ass vir Technikofzeechen gi nach matgedeelt

De Romain Engels këmmert sech ëm d’Material, wou hien awer frou ass, wann en eng Hand ugepaakt kéint kréien.

## 3. Eventuell zukünfteg Zesummenaarbecht mam Automobile Club (ACL)

De Richard Spautz, Suzie Godart an de Romain Engels, hunn d’Madame Sophie Montrueil an de Raimlechkeeten vum ACL getraff wou eng eventuell Zesummenaarbecht an Zukunft tëscht der FSCL an dem ACL diskutéiert gin ass.

Dat war speziell wat de Youth Cup, ubelaangt,wou et awer no der Réunion, wou et versprach gi war, keen feed-back vum ACL ginn huet, soudass déi potentiell Zesummenaarbecht de Moment (nach) net konkret ginn ass.

**4. Guidonsplacken vir di licenséiert Kanner**

D'Guidonsplakken si fäerdeg vir un d'Kanner kënne verdeelt ze ginn. De Richard S. këmmert sech do drëm, wou hien spéitstens bei der Course jeunes e Samschdeg, de 07.05.2022 zu Dippech ka wieder präzis Informatiounen dozou ginn.

**5. Aschreiwungen On Line iwwer de Site vun der FSCL, och fir net lizenzéiert Kanner si méiglech**

(d'Elteren vun de Kanner ouni Lizenz mussen, op der Plaz bei der Umeldung*, eng Deklaratioun ënnerschreiwen datt hiert Kand fäeg ass op där Epreuve matzefueren an datt si eng Haftpflichtversëcherung hunn.

* D'Kanner si jo all schonn "On Line" ugemellt. Op der Plaz mussen si sech awer am Büro "Inscriptiouns" virstellen, datt den Organisateur och weess op Kand, dat sech "On Line" ugemellt huet, och matfiert. Déi netlizenzéiert Kanner kréien hei hier Guidonsplak geléint fir dës Course a muss no der Course seng Plack am Büro "INSCRIPTIONS" erëm ofginn.

Soubal ee Kand eng Coureurslizenz ugefrot huet däerf dat seng Guidonsplak halen a säin Virnumm mat engem Filzstëft drop schreiwen.

**6. Verschiddenes**

Wéi der wësst si vun dem LTAD ( LTAD-LLS - ENEPS - Luxembourg (public.lu) Videoen vum Technikoofzeechen gedréit gi.

Et ass eis och opgefall, dass et net einfach ass, u Biller ze kommen, di um Boy Konen iwwert di verschidde Statiounen (vum Technikoofzeechen) gedréit gi sënn …?

- Schwéier ze fannen op der LTAD App
- Näischt ze fannen op eisem Site, ënnert „Jeunes" …ausser een Text vum Technikoofzeechen …

Aus dem Grond gouf proposéiert dass FSCL déi Videoen ob hier Homepage ënner d'Rubrique „Jeunes" setzt, soudass jiddereen sech nieft dem Text och kann ukucken, wéi et an der Praxis ausgesäit, an esou déi Übungen kann an de Clubstraining oder d'Seancen vun de Vëlosschoulen kann abauen.

- An dem Kontext sief och nach eng Kéier drun erënnert dass mer an der Reunioun vum 04.10.2021 proposéiert gi war vir eng Print-Versioun vum Technikoofzeechen (eventuell mat Biller/Fotoen ) dervun ze maachen, Hei sollten Kontakter mat eventuellen potentiellen Sponsoren vun der FSCL opgeholl ginn, (CK Kieffer) wat awer nach net gemaach gi ass.

- Eng Iddi fir sécher ze fueren (Youth Cup) wär vir Zukunft och : SNCA niewent der Kronospan (Sonndes)

Lëtzebuerg den 05 Mee 2022

vir de GT jeunes

Romain Engels